Dat Spirituellt a Reliéist am Verband

- D'Lëtzebuerger **Guiden** a **Souten** orientéieren sech ënner anerem un der Persoun an un der gudder Noriicht vu Jesus Christus an un de chrëschtleche Wäerter a Grondsätz. De Verband as op fir Mêmbere vun anere Reliounsgemeinschaften.

- D'Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** hun als Ziil, de Jugendlechen an der Welt vun haut op hirem Wee zum Erwuessegin ze hëllefen, fir datt hirt Liewe gléckt. Zu engem gegléckte Liewe gehéiert, no der Iwwerzeegung vun de Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**, d'Dimensioun vum Spirituellen a Reliéisen.

- Ënner "spiritueller Haltung" versti mir eng prinzipiell Offenheet fir dat Nët-Materiellt, fir Wäerter, fir dat Transzendent, fir d'Fro no Gott an d'Sich no engem Sënn vum Liewen.

Ënner "reliéiser Haltung" versti mir eng konkret Bezéiung zu Gott, déi sech an enger bestëmmter Glawenspraxis ausdréckt.

- D'LGS striewen eng reliéis Glawenshaltung un, setzen se awer nët viraus. Bei eise Mêmberen, Jugendlechen, Cheftainen a Chefs, gi mir vun enger prinzipieller Offenheet fir dat Spirituellt aus.

- D'Aufgab vun de Cheftainen a Chefs as et, duurch altersspezifesch Aktivitéite Raim ze schafen, an dene positiv spirituell Erfarunge méiglech sin, a (chrëschtlech) Wäerter kënnen erlieft gin. Doriwwer eraus gët all Sich a Striewen no enger reliéiser Haltung ënnerstëtzt a gefördert.

- D'Branchenequipë bidden an hirem Programm an an hirer Chefformatioun spirituell a reliéis Momenter un. An all Branchenequipe gët eng Persoun (Geeschtlech oder Laien) méi speziell domat beoptragt, fir déi spirituell-reliéis Dimensioun am Programm an an der Formatioun ze suergen.

-Doriwwer eraus gin, wéi bis elo, Weekender fir déi perséinlech, spirituell a reliéis Formatioun vun de Cheftainen a Chefs ugebueden. Dës Weekender gi vun der E.A.R. (Equipe d'Animation Religieuse) virbereet a begleet.

Positioun vum Verbandscomité 18.06.1998